

Visual 1: Moien!

- **Stell dech fir. Erklär kuerz wat s du mëss:** wichteg Informatiounen iwwert COVID-19 vermëttelen.
- **Nenn deng Quellen:** World Health Organization. Recommendéier jidderengem den offizielle Site vun der WHO kucken ze goen an sech un d'Reegelen vun de lokalen an nationalen Autoritéiten ze halen.
- **Gëff den Datum un:** Preziséier dass d'Informatiounen während der Krise séier kennen änneren.

Visual 2: Wat ass COVID-19?

- COVID-19 ass eng Infektiounskrankheet, déi duerch en neien Coronavirus ausgeléist gëtt. Et ass e Virus a mir wëssen nach net vill iwwert dësen. Wëssenschaftler op der ganzer Welt probéieren sou séier wei méiglech a sou vill wei méiglech iwwert dëse Virus ze leieren. Iwwerall gëtt vill dru geschafft e Medikament an eng Impfung ze entwéckelen an ze testen.
- De COVID-19 Ausbroch huet am Dezember 2019 ugefaang an huet sech säit deem op der ganzer Welt verbreet.

Visual 3: Symptomer vu COVID-19

- **Déi heefegst Symptomer:** Féiwer, Middegeet, an en dreschnen Houscht
- Verschidde Leit hu guer keng Symptomer, anerer hu liicht Erklältungssymptomer. Mee et ginn och Leit, déi schwéier Symptomer weisen a Problemer mat der Ootmung kréien.
- Bei ville Leit trieden des Symptomer net direkt oder guer net op. Mee des Leit kennen awer aner Mënschen ustiechen ouni dat ze mierken. Dofir musse mir déi richteg Virsiichtsmoosnamen huelen.

Visual 4: Wéi verbreet sech de Virus ? Iwwert ganz kleng Drëpsen

- De néie Coronavirus verbreet sech ganz einfach vu Mënsch zu Mënsch.
- **Drëpsen:** Infizéiert Mënschen verbreedem kleng Drëpsen mam Virus, wa si schwätzen, houschten, iessen, néitschen oder hier Nues botzen. De Virus verbreet sech, wann aner Mënschen dës Drëpsen anootmen.

Visual 5: Wéi verbreet sech de Virus ? Wann ee Flächen upéckt

- Du kanns dech ustiechen, wann s du een oder eppes upécks, wou de Virus drop ass an dann deng Aen, deng Nues oder de Mond upécks. Deng Hänn ginn dann zur Hëllef fir de Virus, fir sech weider ze verbreedem.
- De Virus kann op ënnerschiddlechen Flächen, verschidde laang a gutt iwwerliewen, op Pabeier z.B. 24h, op Plastik oder Metall souguer nach mei laang.
- Dat heescht dass ganz normal Alldagssituatiounen, wei z.B. dech am Bus un der Staang unzehalen, kennen e Risiko sinn, fir dech unzestiechen.

Visual 6: Wat kanns du maachen?

- Wat kanns du maachen, vir de Virus ze verhënneren?

Visual 7: Wäsch deng Hänn

- Wäsch deng Hänn ganz oft mat Seef a Waasser a mindestens 20 Sekonne laang.
- Fir e Video mat der richteger Technik fir d'Hänn ze wäschen ze fannen an d'äin eegenen ze maachen, sich nom Hashtag #safehand.

- Wann s du keen Accès zu Waasser a Seef hues, kanns du Desinfektionsmittel fir d'Hänn huelen, e Gel hydro-alcoolique oder all Léisung mat méi wéi 60% Alkohol.

Visual 8: Pak däi Gesiicht net un

- Probéier deng Aen, deng Nues an däi Mond sou mann wéi méiglech unzepaken, virun allem mat net gewäschten Hänn.
- Bedeck däi Mond an deng Nues mam lelebou oder mat engem Nuesschnappech wann s du houschs oder néitschs

Visual 9: Bléif doheem..

- Bléif doheem. Evitéier grouss Kéip mat Leit
- Wann s du muss rausgoen, dann hal eng Distanz zu anere Leit an, evitéier Kéip mat Leit a probéier de physesche Kontakt sou vill wéi méiglech ze evitéieren.

Visual 10: Informéier dech a suivéier d'Direktive vun der Santé

- Bléif ewech vu Klinicken oder Praxis'en, ausser du brauchst Hëllef.
- Bléif informéiert iwwert déi neisten Entwécklungen vu COVID-19 an hal dech un d'Rotschléi vun den nationalen a lokalen Autoritéiten.

Visual 11: Masken an Händschen?

- Hal dech un déi national a lokal Direktiven. Mee wou et net genuch Maske ginn, sollen déi un déi wichtegst Gruppen wéi Mënschen aus dem Gesondheets- a Fleegesecteur oder Leit mat Symptomer wéi Houscht oder Néitsen goen.
- Maske si just dann effektiv, wann se richtig benotzt ginn an och just a Kombinatioun mat Hänn wäschen mat Seef a Waasser

Visual 12: Ass COVID-19 geféierlech?

- Déi gutt Nouvelle ass, dass déi meescht COVID-19 Fäll keng schlëmm Symptomer weisen -verschidde Léit hu souguer guer keng Symptomer.
- Verschidde Mënschen hu méi e grouse Risiko schlëmm krank ze ginn wei anerer. Heirënner falen al Léit, Léit mat schwaachem Immunsystem oder Léit mat Virerkrankungen.
- Kuerz gesot – jiddereen – och déi Jonk wéi mir – muss zesammen halen fir d'Ausbreedung ze verhënneren an d'Risikogruppen an eis selwer ze schützen.

Visual 13: Firwat as et sou wichtig d'Ausbreede vum Virus ze stoppen?

- Ech erklären iech firwat et wichtig fir eis all ass, d'Ausbreede vum Virus ze stoppen

Visual 14: Flatten the curve. (D'Kurb flach halen)

- D'Gesondheetssystemer hunn e Maximum u Kapazitéit u kranke Léit, déi si kenne behandelen. Wann d'Ausbreedung méi lues ka gemaach ginn, geet och d'Unzuel u kranke Léit, déi zur selwechter Zäit Hëllef a Fleeg brauchen erof.

- Dat heescht manner Stress am Gesondheitssecteur, manner Leit déi an d’Klinik mussen, manner Léit, déi ouni Hëllef heem geschéckt ginn a manner Doudeger.

Visual 15: Verbreet déi richteg Informatiounen

- Et as wichteg, dass just korrekt Informatiounen verbreed gin fir d’Ausbredung vum COVID-19 ze verhinneren.
- Motivéier anerer, hiren eegene Video opzehuelen a mat hire Frënn, Familljen a Bekannten ze deelen.